N°2553
Entrée le 02.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.07.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

D'US-Regierung vum Donald Trump huet decidéiert, dass d'USA verschidde Waffeliwwerungen un d'Ukrain géife stoppen, fir hir eege Verdeedegung net ze belaaschten.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert d'Lëtzebuerg sech op EU-Niveau dofir asetzen, dass dës Waffeliwwerunge kompenséiert ginn?
2. Wäert Lëtzebuerg zousätzlech Ustrengungen ënnerhuelen, fir ze hëllefen dës Waffeliwwerungen ze kompenséieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten